N°2580
Entrée le 04.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2580 vum 9. Juli 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro ob d'Autobunnsoffaart op der A7 a Richtung Koplescht fir de Camionstrafic wäert zougemaach ginn.

*Fro 1: Wäert d'Ministesch d'Autobunnsoffaart op der A7 a Richtung Kopstal zou maachen, fir esou de Camionstrafic ze reduzéieren?*

Mat der Ouverture vun der Nordstrooss (A7) gouf d'Thematik vum Camionstrafic op der Ausfaart A7 ("Echangeur Schoenfels") a Richtung Westen/Süden analyséiert. Dobäi gouf festgestallt, dass de Camionstrafic op dësem Streckenofschnëtt bei ongeféier 4,5% vum Gesamttrafic läit a sech an absolutten Zuelen duerch d'Ouverture vun der Nordstrooss no ënne verännert huet.

Et gouf deemools och festgestallt, dass et sech zum Deel ëm lokalen Trafic, respektiv ëm Gefierer déi an de Südweste vum Land wëlle fueren handelt, an dass d'Spärung vum CR102 tëscht der Autobunn A7 a Schëndels fir de Camionstrafic Méikäschten a gréisser Ëmweeër iwwert de staark belaaschten (Transit-) Autobunnsreseau géing bedeiten. Dëst hätt zum Beispill net nëmmen en negativen Impakt op de Verkéiersfloss (z. B. zousätzleche Stau ronderëm d'Stad), mee och op d'Ëmwelt (z. B. méi $CO_2$-Emissiounen).

An dësem Kontext sief och drun erënnert, dass d'Camionen, déi am Transit sinn, d'Autobunnen net verloossen dierfen.

Zousätzlech gouf deemools festgestallt, dass, well den CR101 tëscht Schëndels a Koplescht schonns fir Gefierer fir de Wuerentransport mat engem maximale Gesamtgewiicht iwwert 3,5 Tonne gespaart ass (dëst duerch dat entspriechend Schëld C,3e), d'Gefierer fir de Wuerentransport (>3,5 Tonnen), d'Offaart net benotze fir dann iwwert de Katrewang an d'Nationalstrooss N12 iwwert Koplescht a Richtung Stad ze fueren, mee éischter iwwert d'Autobunn A7 a Richtung Süde weiderfueren.

Et ass deemno net virgesi fir d'Strooss tëscht Schëndels a Miersch a Richtung Koplescht fir de Camionstrafic ze spären.

Luxembourg, le 1 août 2025

La Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

(s.) Yuriko Backes